



Stellungnam:

Pilotprojet: Transitionnsprogramm fir Ex-Prisonéier

Eng Prisongsstrof vu puer Méint bis puer Joer huet fir bal all Prisonéier déi selwecht Konsequenzen: Verloscht vun der Aarbechtsplaz, der Wunneng, der Famill an de Frënn. Ze Bemierken ass, dass bei ganz vill Prisonéier¹ och nach eng Drogeproblematik dobäi kënnt.

Déi franséisch Doktesch Cyrile Canetti² seet dozou Folgendes : « *La prison démolit un peu tout le monde. C'est une machine à broyer les hommes.* »

Vill Prisonéier stinn um Enn vun hirer Prisongsstrof virun enger ongewësser Zukunft. Et ass zu dësem Zäitpunkt ganz wichteg, dass déi betraffe Persounen ënnert d'Äerm gegräff kréien.

La prison démolit un peu tout le monde. C'est une machine à broyer les hommes.

Cyrile Canetti

Am Prisong hëlleft d'Personal vum SPSE (Service Psycho-Socio-Educatif) an d'*agents de probation* vum SCAS (Service central d'assistance sociale) dem Prisonéier sech esou gutt wéi méiglech op ee Liewen dobausse virzebereeden.

Rapport Ombudsman

Et ass zanter Jore bekannt, dass déi bestoend Betreierung net duer geet – sou huet Mme Monti, an hirer Funktioun als *contrôleuse externe des lieux privatifs de liberté* am Kapitel 5 *La période après l'incarcération* Folgendes³ geschriwwen :

« (...) *il est tout de même évident qu'il ne peut nullement être dans l'intérêt des acteurs concernés que les mesures intra-muros mises en place soient anéanties dès la sortie d'un détenu et ce de manière tout à fait évitable.*

(...) *L'accès au travail est un facteur clé de la réintégration, mais constitue également un vrai challenge compte tenu d'un niveau d'éducation généralement bas parmi les détenus, un niveau d'expériences professionnelles piètre, ainsi que d'une vraie stigmatisation suite au séjour dans un centre pénitentiaire.*

(...) *Le logement constitue également un problème réel pour nombreux détenus puisque bien trop souvent les anciens liens familiaux n'ont pas tenu face aux séquelles psychologiques causées par la séparation impliquée par l'incarcération ou alors le niveau d'éducation initiale ne leur a tout simplement jamais permis de se « construire » une existence avant l'incarcération. Le manque de formation(s) et la stigmatisation susmentionnée ne changeront guère la mise. Pour de nombreux détenus il ne reste donc que le choix entre la rue et les œuvres sociales. Néanmoins, les œuvres sociales ne constituent guère une solution « clé en main ». En effet, certains interlocuteurs ont fait part au Contrôleur externe de pratiques du moins douteuses mises en place par certaines de ces œuvres conventionnées par le Ministère de la Famille et de l'Intégration et à la Grande Région. Il serait monnaie courante pour*

¹ Les infractions liées aux stupéfiants (17,8 %) sont en légère hausse par rapport à 2019, mais restent en-dessous des années précédentes (15,9 % en 2019, 18 % en 2018, 22,00 % en 2017, 24,9 % en 2016, 26 % en 2015). – Rapport ministère de la Justice 2020 – **page 560**

² Ex-médecin chef du SMPR (service médico-psychologique régional) de la Santé

³ <https://www.ombudsman.lu/uploads/RV/RV18%20-%20Rapport.pdf> – **page 71**

certaines d'entre elles de demander les détails du jugement, le casier judiciaire ainsi que des expertises de tout genre sur le « candidat » et tout cela pour ne même pas leur fournir de motifs sur un refus si dernier se matérialisait. »

Dëse Rapport weist d'Haaptproblemer an der Period no der Prisongsstrof an déi beschte Léisung ass, eiser Meenung no, d'Ëmsetzen vum Projet ‚maisons de transition‘.

Etüde ‚maisons de transition‘

Am Joer 2015 ass eng ganz interessant Etüde gemaach ginn – Caritas Accueil et Solidarité (CAS), zesumme mam Criminologue Guy Schmit, hunn een exzellente Projet-Pilote ausgeschafft an all Acteur⁴ deen eppes mat der Resozialiséierung ze dinn huet, huet dëse Projet-Pilote och gutt geheescht.

Op dëser Plaz wëllen mir net dëse ganze Projet-Pilote⁵ virstelle – mir wëlle just zwee Punkten ervir hiewen:

« (...) 2. Description du projet pilote : le projet (...) a l'ambition de gérer la phase de transition entre l'incarcération d'une personne (...) et la réinsertion sociale de la personne. A l'heure actuelle, un service social avec telle mission est inexistant au Luxembourg (...).

*Dans : 1. Des logements individuels,
2. Un logement communautaire de trois à quatre personnes
3. Dans un foyer d'accueil d'environ huit personnes
sont accueillies entre douze et quinze usagers (...)*

3. Analyse des besoins et finalité du projet : Le projet pilote a pour objectif d'assurer la transition réussie entre l'incarcération et la liberté d'une personne. Une mise en autonomie en fonction des capacités de la personne est un objectif primordial de Caritas Accueil et Solidarité a.s.b.l. Composée d'assistants sociaux/éducateurs gradués, l'équipe socio-éducative d'une maison de transition travaille ensemble avec d'autres services spécialisés sur l'épanouissement de la personne (...). »

Les travaux relatifs à la création de maisons de transition seront poursuivis afin de continuer à promouvoir la réinsertion sociale des détenus.

Accord de coalition 2018

Et huet keen iwerrascht, dass dëse Projet-Pilote am Koalitiounsprogramm⁶ vun 2018 folgendermossen erwähnt ginn ass : *« Les travaux relatifs à la création de maisons de transition seront poursuivis afin de continuer à promouvoir la réinsertion sociale des détenus. La préparation à une réinsertion sociale réussie des détenus ne s'arrête pas au moment de leur sortie de prison. Afin d'éviter que les efforts de réinsertion sociale faits en prison soient vains, ce projet vise à soutenir ces personnes, pendant une période de transition et principalement en termes de logement et d'autres aides psycho-sociales, afin qu'elles puissent retrouver définitivement leur place dans notre société. »*

⁴ Extrait aus engem Brëif vum Père Vincent – Aumônier am Prisong während baal 20 Joer – un de deemolegen Justizminister Felix Braz : *« Cette étude a été présentée lors d'une réunion, le 19 septembre 2017, rassemblant des membres de la direction, du service social et de l'aumônerie de prison, ainsi que des représentants du SCAS, la Déléguée du Procureur Général d'Etat, des représentants des ministères de la Famille et de la Justice ainsi que de CAS. Le sérieux de l'étude, qui se basait sur une recherche de bonnes pratiques à partir de projets similaires dans les pays voisins a été unanimement salué lors de cette réunion et des suivantes (...).* »

⁵ Déi ganz Texter fennt een op eiser Internetsäit – ënnert dem Punkt ‚Maison de transition‘: <http://www.eraus-an-elo.org/Documents/Sujets/>

⁶ <https://gouvernement.lu/dam-assets/documents/actualites/2018/12-decembre/Accord-de-coalition-2018-2023.pdf> - **page 25**

Ze Bemierken ass, dass et esou Projete vu ‚*maisons de transition*‘ an all eisen Nopeschlänner gëtt – hei puer Beispiller:

Frankräich : - Structure d’accompagnement vers la sortie de prison⁷ – SAS
- Centres d’Hébergement et de Réinsertion sociale⁸ – CHRS

Däitschland : - Verein Hoppenbank⁹ e.V.

Belsch : - Maison de transition¹⁰

Et ginn esou änlech Strukturen och an Holland – hei wëlle mir de Projet *Exodus*¹¹ ernimme – iwwert dëse Projet schreift de Criminologue Guy Schmit¹² : « *Un aspect important est celui des finances, les études aux Pays-Bas du projet Exodus ont prouvé que l’investissement financier dans un tel projet se montre bénéfique par rapport aux coûts épargnés.* »

Un aspect important est celui des finances, les études aux Pays-Bas du projet Exodus ont prouvé que l’investissement financier dans un tel projet se montre bénéfique par rapport aux coûts épargnés.

Guy Schmit

Bei esou engem Projet geet et net nëmmen drëms fir engem Ex-Prisonéier eng Wunneng ze fanne – och wann dat natierlech, haaptsächlech zu Lëtzebuerg, ganz wichteg ass – mee et geet drëms fir enger Persoun een adequaten Encadrement ze bidden.

Hei gëtt oft vun engem ‚**Übergangsmanagement**‘ geschwat – professionnell Equippe mussen probéieren eng Bréck tëscht dobannen an dobaussen ze bauen. D’Problemer déi mussen bewältigt gi si riseg: Wunneng, Aarbecht, Scholden, psychesch Krankheeten, Drogenproblematik, asw.

Fir eis als ‚*eran, eraus ... an elo?*‘ besteet keng Alternativ zou esou engem Projet:

- **éischtens** ass et wichteg der Persoun ze hëllef de Wee zréck an d’Liewen ze fannen;
- **zweetens** ass et wichteg, dass keng ‚*récidive*‘ stattfënnt – mir wëllen hei ze Bedenke gi, dass mir zu Lëtzebuerg een héije ‚*taux de récidive*¹³‘ hun. Fir dass een Ex-Prisonéier no senger Strof erëm ee Liewen op der riichter Bunn féiere kann, mussen eis Politiker bereet sinn déi néideg Mëttelen ervir ze bréngen.

Programme de transition entre la prison et la vie en société

De Projet aus dem Koalitiounsprogramm ass op Äis geluecht ginn. D’Justiz- a Familljeministesche Sam Tanson a Corine Cahen hunn d’lescht Woch e Pilotprojet virgestallt dee ganz wéineg mat dem initiale Projet ze dinn huet.

An den nächste Zeile wëlle mir virweisen firwat dëse Programme den Ufuerderungen net gerecht gëtt:

⁷ <https://www.midilibre.fr/2021/02/02/montpellier-la-premiere-prison-urbaine-de-france-sortira-de-terre-en-2023-a-euromedecine-9347379.php>

⁸ <https://annuaire.action-sociale.org/etablissements/readaptation-sociale/centre-hebergement---reinsertion-sociale--c-h-r-s---214.html>

⁹ <https://www.hoppenbank.info/>

¹⁰ <https://maisonsdetransition.be/>

¹¹ <https://exoduszuidholland.nl/about-us-english/>

¹² Caritas Luxembourg – Projet pilote pour la création de structures de logement de type « maison de transition » pour certaines catégories de personnes condamnées pénalement au Luxembourg

¹³ Le taux de récidivistes [en 2020] de 30 % reste proche de celui de 2019, tout comme le taux de condamnés primaires de 70% - Rapport 2020 Ministère de la Justice – **page 566**

- Duerch dëse Programme gëtt keng eenzeg zousätzlech ‚*offre d’hébergement*‘ generéiert. Bei allen Associatiounen déi an dësem Beräich schaffen (CNDS, Croix-rouge, Caritas, Stëmm vun der Strooss, etc.) ginn et schonns haut laang Waardeleschte fir eng Schlofplaz. Mir froen eis wéi eng Associatioun 50-80 Plaze fir dës Ex-Prisonéier soll hier huelen. Vill Associatiounen aus dem Secteur sinn, eisen Recherchen no, deels komplett ausgebucht - et ass utopesch fir dës zousätzlech Plaaze mussen opzebréngen.
- Hébergement d’urgence (maximum 7 Deeg): Een Prisonéier deen entloss gëtt, a keng Plaz fir ze wunnen huet, gëtt ‚*en relation*‘ mat engem ‚*agent de liaison*‘ gesat deen dann eng Plaz an enger ‚*structure d’hébergement d’urgence de type halte de nuit*‘ soll arrangéieren.

Während dësem Zäitraum engagéiert sech den ‚*agent de liaison*‘ eng Wunneng ‚*à moyen terme*‘ ze fannen an den Ex-Prisonéier a sengen administrativen Demarchen z’ennerstezen.

Heizou stelle mir fets :

- Am Reportage vun RTL ass de Numm vun der Wanteraktioun genannt gi - d’Wanteraktioun fënnt laut der Internetsäit vun der Caritas vum 1. Dezember bis den 31. Mäerz statt, dat si *just* 4 Méint am Joer.

Bei deenen aner Cliente vun dëse Structure handelt et sech oft em ‚*personnes sans domicile fixe*‘ bei deenen der ganz vill eng Drogeproblematik hunn.

Mir fannen et inakzeptabel fir Persounen déi frësch aus dem Prisong kommen erëm an esou een Environnement ze setze – zemoos fir Persoune mat enger Drogevergangenheet.

- Dann wëlle mir nach d’Problematik vum ‚*casier judiciaire*‘ opwerfen : d’Mme Monti seet, dass verschidden Associatiounen de Casier judiciaire resp. d’Detailer vum Jugement froen éi si eng Persoun ophuelen (cf. Säit 1 vun dësem Dokument) – mir froen eis ob déi Responsabel vun dësem ‚*programme de transition*‘ dës Problematik beduecht hunn?

An engem Artikel¹⁴ vum MDR aus Däitschland gëtt en däitsche Bewährungshelfer folgendermoossen zitiiert: *“Meist entscheidet sich in den ersten vier Wochen nach der Haft, ob die Wiedereingliederung und Resozialisierung gelingen.“*

Mir bleiwen bei eiser Meenung, dass et immens wichteg ass d’Ex-Prisonéier an enger geeigneter Struktur z’encadréiere wou d’Personal an dësem Domaine spezialiséiert ass – an dëst zemoos an enger éischer Phase, sou dass den Ex-Prisonéier eng Chance huet am Liewen unzekommen, an net schonns no 7 Deeg erëm muss an eng aner Struktur transferéiert ginn.

Meist entscheidet sich in den ersten vier Wochen nach der Haft, ob die Wiedereingliederung und Resozialisierung gelingen.

Bewährungshelfer

- Hébergement à moyen terme (maximum 6 mois) : Während maximal 6 Méint kenn den Ex-Prisonéier an enger Struktur vun den ‚*associations conventionnées*‘ bleiwen. Den Ex-Prisonéier gëtt an dëser Phase vu sengem ‚*agent de liaison*‘ an dem sozio-educativem Personal vun dëser Struktur begleet.

¹⁴ <https://www.mdr.de/nachrichten/thueringen/west-thueringen/eisenach/entlassung-gefaengnis-kein-geld-obdachlos-100.html>

- Hei stellen sech déi selwecht Froe wéi an der éischter Phas no der Entloosung: éischtens si genuch Plazen disponibel fir 50-80 Prisonéier pro Joer an zweetens wat geschit mat Ex-Prisonéier déi wéinst hirem ‚casier judiciaire‘ refuséiert ginn?
- Mir vu ‚eran, eraus ... an elo?‘ hunn an de leschten 2 Joer den Tour vu ganz villen Associatiounen hei zu Lëtzebuerg gemaach. Mir si begeeschtert vun der gudder Aarbecht vum sozio-educativem Personal aus all deenen Associatiounen – si ginn sech alleguerde Méi fir och schons elo den Ex-Prisonéier esou gutt wéi méiglech ze hëllefen. Vill Associatiounen hu wierklech ganz vill Meritten an dem Encadrement vun Ex-Prisonéier. Mir sinn gewuer ginn, dass d’Personal aus dëse Strukture mat ganz vill ënnerschiddleche Problemer konfrontéiert gëtt – an dofir net genuch spezialiséiert ass, fir den Ëmgang mat engem Ex-Prisonéier.

Et wier sécherlech eng Stärkt vun engem veritabele Projet ‚maisons de transitions‘ gewiergt fir eng Ekippe ze hunn déi spezialiséiert ass an der ‚réinsertion sociale‘ vun Ex-Prisonéier.

- Autonomisation : Original Text aus dem offiziellem Communiqué¹⁵ : « *Après cette période de 6 mois, elle peut intégrer un logement durable* »

Den Encadrement ass op 6 Méint (a 7 Deeg) limitéiert.

- Agents de liaison: Mir begréissen dës Iddi vun den ‚agents de liaison‘ – dës Persounen hu eng ganz schwéier Aufgab virun sech: si musse Schlofplazen arrangéieren an dëst bei enger minimaler Offer.

An enger éischter Phase gi 2 Agents de liaison agestallt fir 50-80 Fäll pro Joer: des Offer geet net duer.

- Lëtzebuerg huet ee ‚taux de détention préventive‘ vun 48 % - domadder sin mir traurege Spëtzerreider a Westeuropa. Bal d’Hallschent vun de Prisonéier sinn net verurteelt. Een héichen Undeell vun dësen Untersuchungsprisonéier komme virum hirem Prozess fräi. Si kënnen eng ‚demande de libération provisoire‘ maache bei der ‚chambre de conseil‘ an dann kréie si banne puer Stonne matgedeelt ob sie fräi gelooss gi oder net.

Eis Associatioun ass oft konfrontéiert mat esou Persounen déi sou kuerzfristeg aus dem Prisong eraus kommen. Hei gesinn mir sécherlech ee grouse Problem vun dësem ‚programme de transition‘ – een ‚agent de liaison‘ huet net genuch Zäit huet fir esou kuerzfristeg engem Prisonéier ze hëllefe.

- Dëse Programme dierf net just fir Residente reservéiert sinn.

De ‚programme de transition entre la prison et la vie en société‘ ass ee Schratt an déi richteg Richtung.

Am Koalitiounsprogramme war awer ee méi effizienten Projet versprach ginn – mir froen eis firwaat mir elo ee Schratt zréck ginn? Lëtzebuerg wäert also weiderhin quasi daat eenzegt Land an Europa si wou et kee Projet ‚maisons de transition‘ wäert gi – an dat ass traureg.

D’Argumenter déi d’Mme Tanson genannt huet fir de Projet ‚maison de transition‘ net emzesetzen, sinn net iwweezeegend. Hei gëtt vun enger ‚prison après la prison‘

Am Koalitiounsprogramme ass ee méi effizienten Projet versprach ginn – mir froen eis firwaat mir elo ee Schratt zréck ginn?

eran, eraus ... an elo?

¹⁵ https://gouvernement.lu/fr/actualites/toutes_actualites/communiqués/2021/10-octobre/27-tanson-cahen-programme-transition.html

geschwat – dëst entsprécht net d'Definitioun vun enger *'maison de transition'* an d'Struktuv *'maison de transition'* gët och a kengem aaneren Land als Prisong considéiert.

Dat zweet Argument vun der Justizministesch géint de Projet *'maisons de transition'* ass dee vun enger méiglecher Stigmatiséierung vun den Awunner vun esou enger Struktur. Déi Responsabel vun der Caritas waren sech dëser Problematik bewosst - dofir sollt et och net een eenzeg Haus si wou nëmmen Ex-Prisonéier zesumme géife wunnen, mee et sollt sech em dezentral a kleng Strukturen handelen wou esou eng Stigmatiséierung net statt fënnt.

Mir hu d'Impressioun wéi wann hei *'mordicus'* Argumenter benotzt gi fir de Projet vun der *'maisons de transition'* net ze realiséieren – wéi gesot gin et esou Projeten vu *'maisons de transition'* an all eisen Nopeschlänner.

Zum Schluss wëlle mir als *'eran, eraus ... an elo?'* ganz kloer eis Enttäuschung ausdrécken, dass dee flotten an innovative Projet aus dem Koalitiounsprogramm net ëmgesaat gëtt.

**ERAN, ERAUS
... AN ELO?**

www.eran-eraus-an-elo.org